# Konveniat zu Wolz

De Joergang 1954-1955 huet sech no der Pandemie erëmgesinn



**Wolz.** Coronabedengt konnt de Konveniat virun zwee Joer net gefeiert ginn, dofir gouf dat Fest dëst Joer nogeholl. Vun de 46 „Kanner", déi am September 1961 an d'éischt Schouljoer goungen, haten sech der 21 ugemellt, eelef haten sech entschëllegt. An der Wëlzer Gemeng huet den éischte Schäffe Patrick Comes zum Éierewäin agelueden. De Charel Pauly huet am Numm vun allen der Gemeng Wolz Merci gesot fir den häerzlechen Empfank.

Bei engem gudde Mëttegiessen am Hotel-Restaurant Pommerlach goufe vill flott Erënnerungen an Anekdoten opgefrëscht. An enger Gedenkminutt gouf un déi siwe Schoulkolleeginnen a Schoulkolleegen erënnert, déi leider ze fréi am Laf vun de Jore verstuerwe sinn. Am Nomëtteg stoung eng Visitt vum Sentier de Mémoire um Schumann's Eck um Programm. De Jang Weber huet iwwert d'Kämpf op dëser Plaz wärend der Ardennenoffensiv déi néideg Erklärunge ginn.

Dëst flott Treffe gouf am Bistro Kaul ofgeschloss. Leider ass och dësen Dag ze séier eriwwer gaangen, an et gouf gehofft sech 2025 fir di 70 Joer an aler Frëscht erëmzegesinn.

*Norbert Morbé via mywort*